



Lëtzebuerg, den 28. Mee 2024

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro iwwert **d'gesetzlech Konformitéit vun der sougenannter "Passerell" an d'Erzéierausbildung** un den **Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend** weiderzeleeden.

De Pilotprojet vun der sougenannter "Passerell" an d'Erzéierausbildung gëtt säit 2021 vun dem Lycée technique pour professions éducatives et sociales (LTPES) an der Ecole nationale pour adultes (ENAD) ugebueden. Si erlaabt Absolvent\*innen vun enger Première GSO direkt an d'Ofschlossjoer vun der Erzéierausbildung eranzeklammern. Si kréie sou d'Méiglechkeet, mat engem zousätzleche Joer de selwechten Diplom ze kréien, fir deen déi aner Kandidat\*innen dräi Joer an d'Schoul ginn.

En haut an der Press zitéierten Avis juridique kënnert zum Schluss, dass de Pilotprojet net am Accord mam bestoende gesetzleche Kader steet, an dass dofir ënnert Ëmstänn souguer d'Diplomer vun de Betraffenen kéinte fir ongülteg erkläert ginn.

An dësem Kontext erlaben ech mer, folgend Froen un den Här Minister ze stellen :

- 1. Wat ass dem Här Minister seng Aschätzung zu dem uewe genannten Avis juridique?**
- 2. Respektéiert d' "Admission conditionnelle" an d'Erzéierausbildung laut der Aschätzung vum Här Minister den Artikel 39 vum ofgeännerte Gesetz vum 25. Juni 2004 iwwert d'Organisatioun vun de Lycéeën?**
- 3. Wéi oft ass de Comité ministériel zesummekomm, deen an dësem Kontext virgesinn ass?**
- 4. Gedenkt de Minister Rechtssécherheet ze schafen, andeems hien d'Gesetz respektiv d'Reglementer upasst?**

Mat déiwem Respekt,

**Meris SEHOVIC**  
Députéierten



**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 802 vum honorabelen Deputéierte Meris Sehovic**

**Ad 1), 2) a 4)**

Déi sougenannte Passerell vun der 1<sup>re</sup> GSO op d'Educateursausbildung ass am Schouljoer 2021/2022 eng éischte Kéier an zwou Schoulen ugebuede ginn, dem Lycée technique pour professions éducatives et sociales (LTPES) an der École nationale pour adultes (ENAD). Si gëtt den Titulairë vun engem *Diplôme de fin d'études secondaires générales* vun der Sektioon vun de *Sciences sociales* d'Méiglechkeet, hir Studien am Ofschlossjoer vun der Erzéierausbildung weiderzeféieren.

Dës Mesure ass am Respekt vum Artikel 39 vum Lycéesgesetz (*Loi du 25 juin 2004 portant organisation des lycées*) geschafe ginn, dee fir zwou Kategorië vu Schüler eng Admission conditionnelle virgesäit:

- Schüler, déi am viregte Schouljoer net op enger Klass ageschriwwe waren, déi en direkten Accès op déi viséiert Klass gëtt;
- Schüler, déi während dem Laf vum Schouljoer ageschriwwe ginn.

D'Schüler, déi déi uewe genannte Passerell an Usproch huelen, falen ënnert déi éischt Kategorie, déi vum Gesetz virgesinn ass. Ech deelen deemno net d'Conclusioun vum Avis juridique, op deen den honorabelen Deputéierten sech bezitt, a gesinn och keng Noutwendegkeet d'Gesetz respektiv d'Reglementer unzepassen.

Zum bessere Verständnis sief hei nach eng Kéier de ganzen Artikel 39 zitéiert:

*« L'admission conditionnelle concerne les élèves admis sur dossier par le directeur qui n'ont pas suivi l'année précédente la classe qui donne accès à la classe visée et les élèves inscrits en cours d'année. Le conseil de classe décide à la fin du trimestre ou à la fin du semestre au cours duquel l'inscription conditionnelle a eu lieu, sur base des résultats scolaires, si cette inscription est à confirmer à titre définitif ou si l'élève est orienté vers une autre classe. »*

**Ad 3)**

Am Avis juridique, grad wéi an der Fro vum honorabelen Deputéierten, ass rieds vun enger *commission ministérielle* respektiv engem *Comité ministériel* „deen an dësem Kontext virgesinn ass“. Wéi d' Lecture vum Artikel 39 weist, ass esou ee Comité vum Gesetz net virgesinn. Et ass de Conseil de classe, deen opgrond vun de schoulesche Resultater vum Schüler decidéiert, ob d'Admission conditionnelle confirméiert gëtt oder net.

Lëtzebuerg, de 25. Juni 2024

De Minister fir Educatioun,  
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH